N°3924
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.04.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir de Logement an den Aménagement du territoire weiderzeleeden:

„A Koproprietéite wou parallel och eng A*ctivité commerciale* stattfënnt, gëlle méi héich Sécherheetsufuerderungen ewéi bei Appartementshaiser déi exklusiv aus Wunnenge bestinn. Hei musse verschidden Installatiounen ewéi Noutausgäng, Sécherheetsdieren, Brandschutzinstallatiounen oder och Entlüftungen agebaut gi fir de Standarde gerecht ze ginn. Bei dësen Demarchë kann et allerdéngs dozou kommen dat d'Koproprietären sech  géint d'Installatioun vun dëse spezialiséierten Equipementer ausschwätzen an den Exploitant dowéinst déi néideg Aarbechten net duerchféiere kann.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir de Logement an den Aménagement du territoire follgend Froe stellen:

- Wat sinn d'gesetzlech Dispositiounen a Fäll, wou Koproprietären sech géint d'Installatioun vun obligatoresche Sécherheetsequipementer ausschwätzen? Ass et méiglech, datt eng einfach Majoritéit an der Koproprietéit esou Installatioune blockéiert, och wann dës fir d'Konformitéit mat de Sécherheetsnormen néideg sinn?

- Wéi eng Autoritéit ass an esou Fäll zoustänneg, fir d'Installatioun vun dëse Sécherheetsmoossnamen duerchzesetzen: de Syndic, de Conseil syndical, d'Inspection du Travail et des Mines (ITM), oder déi concernéiert Gemeng?
- Ginn et gesetzlech Mechanismen oder Recoursméiglechkeeten fir Exploitanten, fir d'Ëmsetzung vun obligatoresche Sécherheetsmoossnamen ze garantéieren, wann d'Koproprietéit sech dogéint stellt? "

Mat déiwem Respekt,



Barbara AGOSTINO
Deputéiert